

# COMMUNIQUÉ DE PRESSE

## D'Braderie vun den Diplomer ass keng Léisung!

Den 11. Mee ass per Internet eng Informatioun public gemaach ginn, déi eis als ALEE/CGFP schockéiert huet! Do war ze liesen, datt den "Diplôme d'Etat d'Educateur" an Zukunft fir Schüler accessibel ass, déi eng 1ère GSO ofgeschloss hunn, an dann direkt zu enger Terminale zougelooss ginn, fir esou den Diplom als Educateur oder Educatrice ze kréien. Domat gëtt ganz einfach (ouni Nout) eng 3järeg Ausbildung op 1 Joer verkierzt.

D'ALEE/CGFP ass déi eenzeg national representativ Associatioun vir d'Educateuren an d'Educatricen hei zu Lëtzebuerg. An an där Funktioun se mir entsat ze liesen, datt den Educateursdiplom an Zukunft breet bradéiert soll ginn. Zënter 1990 ass d'Educateursausbildung hei zu Lëtzebuerg eng Ausbildung déi 3 Joer, en plein temps, dauert. 3 Joer, während deenen eng 26 Woche Stage gemaach ginn, an och drop opgepasst gëtt, datt déi zukünfteg Educateuren an Educatricen ënnerschiddlech Beräicher vum breeden Terrain kenneléieren. Donieft ginn eng ganz Rei theoretisch Kompetenzen aus den Human- a Sozialwëssenschafte geléiert, genee ewéi méi spezifesch Fächer, déi sech mam Transfert tëscht der Theorie an der praktescher Aarbecht um Terrain beschäftegen. Eng Reduktioun vun den Ausbildungsjoren géif net nëmmen eng Reduktioun ëm 15 Woche Stage bedeiten, mee och d'Feele vu praktescher Erfahrung an ënnerschiddlechen Institutiounen.

Dat gëllt ëmsou méi, well mir och wëssen, datt den Terrain, op deem d'Educateuren an Educatricen aktiv sënn, zënter 1990 enorm gewuess an vill méi vilfältig ginn ass, an d'Ufuerderungen un déi berufflech Kompetenze méi grouss gi sënn, wéi daat nach virun 30 Joer de Fall war. Wann de Minister Claude Meisch elo mengt, déi nei Erausfuerderungen am soziale Secteur mat enger "Dénivellation vers le bas" a Saache Qualitéit vun der Ausbildung kënnen ze begéinen, fir d'Probleemer ze léisen, da muss een sech froen ob hien a seng héisch Beamten den Terrain iwwerhaupt kennen!

Et ass en Mangel un Educateuren an Educatricen hei zu Lëtzebuerg feststellen, mee et léist keng Probleemer, wa kuerzfristeg Lächer gestoppt ginn, andeems den Diplom mat der Strenz verdeelt gëtt. Wann dëst d'Zil vum Minister Meisch sollt sënn, dann dréit hien zur Problematik derbäi amplaz nohalteg a laangfristeg Léisungen unzestriewen. Aktuell stelle mir als ALEE/CGFP fest, datt um Terrain d'Unzuel vu Kanner mat spezifesch Besoine wiisst. Des

weidere ginn och d'Uspréich duerch den Inclusiounsgedanken, dee mir selbstverständlech mat vertrieiden, ëmmer méi grouss.

Ween d'Qualitéit vun der Ausbildung erofsetzt, suergt vläicht dofir, datt kuerzfristeg méi Educateuren an Educatrices zur Verfügung stinn, mee wann déi net adequat ausgebilt a kompetent sënn, vir den néien Erausforderunge gewuess ze sënn, da besteet de seriéise Risk, datt se séier um Terrain wäerten iwwerfuert sënn, an dem Terrain dann och erem séier wäerte verluer goen.

Doriwwer eraus fillen sech all d'Educateuren an Educatrices, déi hiren Job scho méi laang maachen, widdert de Kapp gestouss, well elo anscheinend op eemol ee Joer soll duergoen, fir dee ganze Beruff ze léieren. Engt Joer geet net duer, fir déi néideg Kompetenzen ze entwéckelen déi anerer während 3 Joer mat vill Investissement a perséinlechem Engagement mussen acqueréieren. Et kann och net am Wuel vum Kand sënn, datt se encadréiert gi vun Educateuren an Educatrices déi net fäerdeg ausgebilt sënn.

Aktuell ass d'Unerkennung vun eisem Beruff schon net grouss an vill Educateuren an Educatrices empfanne wéineg bis keng Wäertschätzung an hirer dagdeeglecher Aarbecht. Op déi do Aart a Weis riskéiert een nach méi der kompetenter Leit ze vergraulen, vill kompetent D'Leit fillen sech elo schon no enger Réi Jore quasi verpflichtet vir weider ze studéieren an sech ee besser renomméierten Diplom ze erschaffen. Deen Effekt wäert sech verstärke wann d'Inondatioun vu mannerwäertegen Diplomer bis asetzt, déi eng Désappréciatioun vun eisem Diplom bedeit!

Et ass einfach onvirstellbar wéi de Minister Meisch hei nees higeet an Aschneidunge virhëlt, ouni virdrun och nëmme mat iergendengem Acteur vum Terrain geschwat ze hunn. Mee dëst ass jo schon zënter Joren d'Aart a Weis vun dem Minister Claude Meisch.

Mir als ALEE/CGFP kënnen nëmme de Kapp rëselen a stelle fest, datt alt nees dubios an onsäglech Decisiounen mat wäitreechende Konsequenze fir d'Zukunft ënnert dem Deckmantel vun der Pandemie getraff ginn, ouni Récksprooch mat de Sozialpartner. Ee weidert Beispill aus enger laanger Rei vun Aktiounen, mat deenen de Minister Meisch Tatsaache schaaft, an duerno réit kommunizéiert.

Mir als ALEE/CGFP fuerderen datt,

-deen dote Projet direkt zrëckgezu gëtt,

-an datt de Minister Meisch direkt mat eis an allen Sozialpartner an den Dialog geet,

fir datt mir zesummen an engem konstruktiven Austausch tëscht Politik a Vertrieeder vun der concernéierter Beruffsgrupp d'Educatoursausbildung hei am Land fit maache fir d'Zukunft.

MATGEDEELT VUN DER ALEE/CGFP